

Lëtzebuerg, den 18 novembre 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*„Et ass gewosst, datt d'Schwéngsproduzenten zanter Méint Schwieregkeete mam Ver kaf vun hire Schwäin a Fierkel hunn.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- 1. Kann den Här Minister d'Präisentwécklung op den internationale Mäert a Saache Schwéngsproduktioun zanter 2019 retracéieren?*
- 2. Ass d'Zille vu Fierkelen heizuland zrécckgefuer ginn, fir sech der Entwécklung vun der Demande unzepassen?*
- 3. A wat fir engem Mooss huet de Staat de Produzente kënne finanziell hëllef? Sinn dës Hëllef un Exigenze vu staatlecher Säit gekoppelt? Wa jo, wat fir Obligatioun wieren dat?*
- 4. Ass dem Här Minister bekannt wéi héich d'Pertan an de betraffene Betriber de Moment ausfalen? Riskéiere verschidde Betriber net hir Produktioun astellen ze mussen?*
- 5. Ass de Ministère bereet fir de Betriber ze hëllef hir Produktioun ënner Ëmstänn ëmzestellen?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten

Gusty GRAAS  
Deputéierten